Här Jos Wolff, Éiere President vun der FIP a President vun der FSPL,

Madame Isabelle Faber, Direktesch vun de Ressources humaines, de Relations publiques an der Responsabilité sociétale vun der Entreprise POST,

Här Emile Espen, Chef vun der POST Philately,

Madame an dir Hären vum Bureau Permament vun der FSPL,

Dir Damen an dir Hären Vertrieder vun den FSPL-Kommissiounen,

Dir Damen an dir Hären Vertrieder vun de federéierten Veräiner,

Léift Personal vum temporären Postbüro haut héi op der Cap,

Léif Memberen vum Cercle Philatélique Mamer.

Ech soen iech alleguer villmools Merci dat dir de Moien de Wee op d'Cap fonnt hutt.

Ech soen awer och dem politeschen, administrativen an techneschen Personal vun der Gemeng Mamer, de Memberen vum Bureau Permanent an de Spezialisten vun der POST Philately villmools Merci fir all déi Hëllef déi mir vun hinnen bei der Organisatioun vun eiser Manifestatioun dëse ganze Weekend bis elo kruten an nach kréien.

Haut de Nomëtten ass den 80. Kongress vun der FSPL,

déi de facto de 16. Juli 1933, also virun 90 Joren gegrënnt ginn ass.

De Cercle Philatélique Mamer ass virun 60 Joren an d'FSPL opgeholl ginn.

Fir déi 3. Kéier gëtt de Kongress vun der FSPL vum Cercle Philatélique Mamer organiséiert.

Alles dat wär Grond fir haut grouss ze féieren.

Mee de Moien ass keng grouss an ausseruerdentlech Receptioun.

Mir halen keng laang a faarweg Virträg,

a mir iwwerreechen keng deier a schwéier Cadeauen.

Fir déi 60 Joren Membership vum Cercle Philatélique Mamer an der FSPL

offréiert eise Veräin awer d'Gedrénks virun, wärend a nom Mëttegiessen,

a mir sponseren en Deel vum Präis vum Menu

fir all déi déi mat eis zesummen zu Mëtteg iessen.

Een decke Merci awer nach am viraus der FSPL, well Sie offréiert e "Gebuertsdagskuch",

de mir beim Dessert entdecke wäerten.

Virun a wärend dem Mëttegiessen proposéieren ech,

tëschent de Memberen vun de Veräiner, mat de Vertrieder vun der FSPL an der POST,

eng Réi Punkten ze diskutéieren, déi net, op mannst net direkt,

um Ordre du jour vum Kongress stinn, awer eis all missten interesséieren.

Déi Punkten betreffen dat wat ech nennen d'**Postphilatélie**.

Mir kennen alleguer d'**Prephilatelie**,

also déi Zäit vun der Geschicht vun der Post "au sens large"

wéi et nach keng Timberen gi sinn.

Mir wëssen alleguer wat **Philatelie** ass:

d'Sammelen vun allerlee Zorten vum Timberen an aneren Objeten

déi do sinn fir en Envoi vun engem Absender un en Destinataire,

duerch een Drëtten, ze transportéieren an deen Service ze bezuelen.

Mir kommen awer elo lues a lues an d'**Postphilatelie**,

also déi Zäit wou,

ob der enger Säit, praktesch keng Timberen méi gebraucht ginn,

well op d'Envoiën just nach Bar-, QR- oder aner Coden kommen,

an, ob der anerer Säit, praktesch keng Timberen méi gesammelt ginn.

Domadder stellt sech och héi zu Lëtzebuerg d'Fro:

quo vadis Philatelie, quo vadis Këpperchersveräiner, quo vadis Federatioun?

D'Ausso "It is what it is" betreffend déi aktuell a vilfälteg Problemer vun der Philatelie

a just de Bléck an d'Glaskugel fir d'Zukunft viraus ze soen geet net duer.

Ech mengen, dat et wichteg wär,

esou bal wéi méiglech een sougenannten "Thinktank" op d'Been ze stellen mat

Vertrieder vun der POST, Vertrieder vun der FSPL a Vertrieder vun de Veräiner

fir de Point ze maachen, Iddien ze proposéieren, Konzepter opzestellen

a Strategien ze entwéckelen fir d'Postphilatelie

an fir duerno dat ganzt an enger Zort Reflexiounspabeier ze presentéieren.

Wann am leschten "*Tätigkeitsbericht*" vum Bureau Permanent steet

dat nom Kongress 2022 bis elo 10 Reuniounen waren

"*um die **laufenden** Probleme ... zu erörtern und zu verabschieden*",

da feelt hei zu Lëtzebuerg eng Entitéit fir déi **strukturell** Problemer

vun der Philatelie ze traitéieren an eng Zukunftsvisioun op den Dësch ze leen.

Hei elo een éischter onstrukturéierten Sammelsurium vun Iddien an Iwwerleeungen.

Ech mengen et wär fir d'éischt wichteg eng kloer Vue
iwwert den haitegen Zoustand vun der Philatelie zu Lëtzebuerg ze kréien.

Dozou misste mir emol erausfannen:

1. Wéivill Sammler hu mir am Moment zu Lëtzebuerg
   a wéivill dovunner si Member an der FSPL?
   Fir mech ass e Sammler eng Persoun déi méi oder manner reegelméisseg philatelistescht Material zu Lëtzebuerg oder am Ausland keeft, ob dat dann einfach an eng Këscht geluecht gëtt, ob dann an engem Album verschwënnt oder ob dat an enger Sammlung verschafft gëtt.
   Dobäi wär interessant ze wëssen:
   - wéivill Sammler vu lëtzebuergeschem an auslänneschem Material hu mir an eisen Veräiner,
   - wéivill Abonnenten huet d'POST Philately déi zu Lëtzebuerg wunnen.
   Wann een sech aus Dateschutz Grënn op de Wunnuert vun dëse Sammler géing beschränken, kéint een bestëmmt schonn interessant Conclusiounen aus esou Zuelen zéien.
   Et kéint een en parallèle versichen eraus ze fannen firwat et Sammler,
   Abonnenten bei der POST Philately, gëtt déi net Member an der FSPL sinn.

2. Firwat ginn vill Sammler haut keng Aussteller méi?

3. Wéivill aktiv Aussteller hu mir am Moment zu Lëtzebuerg a wéivill Sammlungen
   hu mir am Moment zu Lëtzebuerg déi prett sinn fir ausgestallt ze ginn?
   Firwat gi prett Sammlungen net ausgestallt?
   Kann een net Promotioun fir prett Sammlungen maachen fir dat déi bei villen verschiddenen Geleeënheeten, net nëmmen reng philatelisteschen, kennen gewisen ginn?

4. De "Moniteur du collectionneur" kënnt 5 Mol am Joer eraus.
   En décke Merci deenen déi zum Contenu bäidroen an deenen déi alles zesummestellen.
   En décke Merci der POST déi e groussen Deel vun de Këschten iwwerhëlt.
   Wéivill Interêt hunn awer d'Destinatairen haut un deenen verschiddenen Rubricken,
   wat feelt de Lieser am Moniteur?

Et schéngt mir och wichteg ze sinn d'Internet Optrëtter vun der FSPL, vun der POST Philately a vun den FSPL-Veräiner kritesch ënnert d'Lupp ze huelen:

1. D'**FSPL** huet zënter enger Zäit séin administrativ orientéierten www.fspl.lu.
   Leider ass dat der FSPL hiren eenzegen Internet Optrëtt.
   Zum Site e puer Constaten:
   - Ausser d'Info dat "Tous droits réservés" sinn, ass de Contenu praktesch ganz op däitsch.
   Domadder erreecht de Site dann op mannst 50% vun der Populatioun zu Lëtzebuerg net.
   - Déi lescht Aktualitéit um Site datéiert vum 4. Juli 2022 - dat war virun méi wéi 8 Méint.
   - Déi lescht Publikatioun um Site ass de Moniteur Nr. 2 vum leschte Joer.
   - D'FSPL offréiert keng Newsletter.
   - Um Site fënnt een näischt iwwert den Inhalt vun der Bibliothéik vun der FSPL.
   - Um Site gëtt et keng Agenda mat all de Manifestatiounen vum Bureau Permanent an de Kommissiounen vun der FSPL esou wéi deenen vun den Veräiner a vun der POST Philately.
   - Um Site steet keng Lëscht a keen Inhalt vun der FSPL-Literatur, an ech denken do z.B.
   un d'Brochure vum President iwwert Philatelie an d'Katalogen vun de Kommissiounen.
   Wéivill Interêt hunn awer d'Surfer haut un deenen verschiddenen Rubricken, wat feelt den Benotzer um Site?

2. D'**POST** huet zënter méi laang schonn séin kommerziell orientéierten www.postphilately.lu
   - De Site proposéiert dräi Sproochen: däitsch, englesch an franséisch.
   - Ugebueden ginn all philatelistesch Objeten déi d'POST Philately an hirem Stock huet.
   - D'Aktualitéiten beschränken sech, verständlecher Weis, op d'Aktivitéiten vun der POST.
   - Och op dësem Site gëtt et keng Agenda fir philatelistesch Manifestatiounen.
   Wéivill Interêt hunn awer d'Surfer haut un deenen verschiddenen Rubricken, wat feelt den Benotzer um Site?

3. Zu den d'Internetoptrëtter vun den **FSPL-Veräiner** ass Follgendes ze soen.
   - Um Site vun der FSPL fanne mir keng Linken op déi besteeënd Siten vun de Veräiner.
   - Wann een op Google "Philatelie Luxembourg" agëtt fënnt een:
     1. POST Philately
     2. FSPL
     3. Cercle Philatélique Mamer
     4. Cercle Phila Dudelange
     5. rail.lu
     6. Cercle Philatélique SOPHIA Wiltz
     7. Club Philatélie et Numismatique des Institutions européennes à Luxembourg
   De Site vun der Philcolux taucht esou net op, ass awer do.
   Och wann op deenen verschiddenen Siten munch interessant Informatiounen stinn, wär et sech ze iwwerleeën, ob net déi eng oder aner Rubrik déi iwwert de jeeweilegen Veräin selwer eraus geet, kéint ënnert der enger oder aner Form koordinéiert a verlinkt ginn.
   Et sief zum Schluss bemierkt, dat déi meescht Veräiner net um Internet präsent sinn.

Ech erlabe mir och nach e kuerze Verglach
tëschent dem Moniteur du collectionneur an dem FSPL-Site.

De Moniteur du collectionneur kritt eng grouss finanziell Contributioun vun der POST,
sou dat den Impakt op de Bilan vun der FSPL negligabel ass.
Bei 1.300 Exemplairen erreecht een am Prinzip ronn 5.000 Léit.

Den FSPL-Site huet 2022 ronn 800 EUR kascht. Mat der däitscher Versioun kann een schätzungsweis ronn 50 vun den 160 Milliounen däitschsproochegen Leit weltwäit erreechen, mat enger franséischer Versioun nach eng Kéier schätzungsweis 90 vun den 274 Milliounen franséischsproochegen. Wann dovunner och nëmmen 0,1% sech méi oder manner fir Philatelie interesséieren, sinn dat weltwäit ongeféier 140.000 Léit, also weltwäit bal 30 Mol méi wéi mam rengen Printmedium Moniteur du collectionneur.

Onofhängeg vun dëser Zuelespillerei, de Resultater vun deenen suggeréierten Evaluatiounen an den Bestriewungen fir eng besser Koordinatioun vun der FSPL, der POST an den FSPL-Veräiner, hei nach kuerz e puer Propositiounen:
- "Mir" vun der FSPL mussen an d'Benotzen vun de Social Media investéieren. Dobäi muss een net iwwerall, also z.B. Facebook, Instagram, TikTok, Twitter a YouTube, optrieden.
- "Mir" vun der FSPL sollen een Online Produit mat philatelisteschen Sujeten aus allerlee Beräicher entwéckelen, mat Artikelen déi di bescht méiglech Qualitéit hunn a mat all Woch z.B. dräi kleng Newsen. Dësen Online Produit kéint een als "Missing Link" tëschent dem Site vun der FSPL an dem Site vun der POST Philately consideréieren. Et kéint een sech virstellen dat all FSPL-Veräin järlech 100 EUR zum Fonctionnement vun deem Philatelie-Site géing bäidroen.
- "Mir" vun der FSPL sollen bereet sinn eis Sammlungen bei allerlee Geleeënheeten ze presentéieren a live ze kommentéieren.

- “Mir” vun der FSPL sollen Online-Ausstellungen förderen an sougenannten Lokalausstellungen méi promouvéieren, mat Partnerën aus dem Secteur public (Staat a Gemengen) an aus dem Secteur privé.
- “Mir” vun der FSPL sollen 1 globalen a gemeinsamen philatelisteschen Agenda en place setzen, deen eventuell esou guer déi ganz Groussregioun géing ofdecken, mat Linken op déi jeeweileg Siten vun de verschiddenen Organisateuren.
- D’POST kéint op hirem Philatelie-Site, géint e klengen Obulus, Reklamm maachen fir MengPost-Timberen déi “Privater” produzéieren loossen an déi interesséiert sinn dës ze verkafen.
- E flotte POST-Musée schliisslech wär ideal fir all Zorten vun Promotioun vun der Philatelie.

Da muss awer och iwwert eng verbessert Ausstellungskultur hei zu Lëtzebuerg diskutéiert ginn. Dofir wär et gutt wann d’Organisateuren vun den Ausstellungen vun deenen leschten Joren emol e gemeinsamen Bilan maachen kéinten an dann sougenannten “best practices” géingen dokumentéieren an publizéieren.

Haut de Mëtteg um Kongress si Walen. Et wär sécher interessant vun de 4 Kandidaten ze héieren wéi Sie déi weider Entwécklungen vun der Philatelie gesinn a wéi Sie sech hire Rôle um Wee an d’Postphilatelie virstellen. Mir sinn also gespaant op dat wat an deenen verschiddenen Wahlprogrammer steet, fir eis domadder bei eisem Choix fir an de Bureau Permanent ze hëllefen.

A nach eng kleng Bemierkung.

Wann de Cercle Philatélique Mamer an deenen leschten 25 Joren praktesch all Joer eng philatelistesch Manifestatioun organiséiert huet, dann net aus finanziellen Grënn, well reng finanziell ass esou eng Manifestatioun en tant que telle schonn zënter enger Zäitchen net méi rentabel.

Den Haaptgrond vun eisen Manifestatiounen ass d’Valeur vun de philatelisteschen Objeten, also den Timberen, mee awer och de Stempelen an deenen aneren passenden Souveniren.

Dobäi ass d’Valeur net de Wäert deen um Timber steet, net de Präis fir deen e philatelisteschen Souvenir verkaaft geet, net de Montant deen an engem Katalog opgefouert ass.

D’Valeur ass dat wat den Objet, also z.B. den Timber oder de Stempel, fir d’Gesellschaft representéiert. Sief dat z. B. um geschichtlechen, um kulturellen, um sportlechen oder um techneschen Plang. Dat solle mir Philatelisten haaptsächlech ervirsträichen an der Philatelie, och zesummen mat kulturellen Institutiounen, domadder zu engem attraktiven Image verhëllefen.

Ganz zum Schluss eisem Fotograph, dem Robert Thill vu Mamer, een decke Merci datt hien alles am Bild festhält. Mir wäerten eng Rëtsch Fotoen op eisen Internetsite setzen. Wann een vun iech do net wëllt derbäi sinn, soll e mir dat herno soen, datt mir dann déi betreffend Fotoen mat Zäiten “deleten” kënnen.

An ech hoffen, dat mir Philatelisten eis net duerch Inaktioun a Changementresistenz mëttelfristeg am Zäitalter vun der Postphilatelie selwer “deleten”.

Souwäit méin klenge Katalog vu Reflexiounen a Propositiounen.

Ech wëschen iech alleguer e flotten, e konstruktiven an en zukunftsorientéierten Dag.

Ech soen iech villmools Merci fir d’Nolauschteren

an ech bieden elo de President vun der FSPL heihinner fir seng Usproch.